N°4216
Entrée le 09.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.06.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

Laut Artikel 171, Punkt 7, vum Sozialversécherungsbuch hunn Persounen, déi innerhalb vun den 36 Méint virun der Gebuert vun hirem Kand op d'mannst 12 Méint obligatoresch pensiounverséchert waren, Urecht op sougenannten Baby-years, déi en Zäitraum vun 24 Méint ofdecken an fir deen e fiktiivt Akommes fir d'Pensiounsberechnung berécksiichtegt gëtt. An der Praxis kann duerch d'Unerkennung vun de Baby-years d'Pensioun vun engem Versécherten ëm iwwer 100 Euro pro Mount klammen.

Fir Net-Residenten, notamment fir däitsch Grenzgänger, schéngen déi Baby-years awer oftmools zum Moment vun der Pensiounsberechnung net ugerechent ze ginn, well déi Verséchert an hirem Wunnland Kannererzéiungszäiten ugerechent kruten, oft ouni, dass si déi formell ugefrot hunn.

Wëssend, dass déi Kannererzéiungszäiten an hirem Wunnland wesentlech manner favorabel si wéi déi zu Lëtzebuerg geltend Baby-years, wëssend, dass vereenzelt Frontalieren d'Pensioun an hirem Wunnland iwwerhaapt net unhuelen, a wëssend, dass zum Moment vun der Pensiounsestimatioun d'Baby-years mat a Rechnung geholl ginn, stellen sech hei eng Rei Froen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ënner wéi enge Bedéngunge kann e Frontalier zu Lëtzebuerg  Baby-years unerkannt kréien?
2. Ënner wéi enge  Bedéngunge kënnen auslännesch Kannererzéiungszäiten déi lëtzebuergesch Baby-years verdrängen?
3. Wéi gedenkt d'Pensiounskeess de Versécherten eng transparent Auskonft iwwer hiren zukünftege

piraten.lu

PIRATEN

Pensiounsbetrag ze gi wa bis zum leschte Moment vun der Pensiounszoudeelung d'Baby-years nach oferkannt kënne ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés